ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, de 17. November 2020

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Regierung et virgezunn huet, de PL 7662 vum Ordre du Jour huelen ze loossen;
- de Retrait vum Gesetzprojet net definitiv ass;
- de Ministère all Erklärung, wéi en zukünftegen „konstruktiven Dialog" iwwer dëse Gesetzprojet soll ausgesinn, schëlleg bleift;
- d'feelend Dialogbereetschaft vum Schoulminister beim Gesetzprojet 7662 fir vill Opregung a Protester gesuergt huet;

fuerdert d'Regierung op,

- all Usaz an all Tendenz fir eng Privatiséierung vun der ëffentlecher Schoul ze stoppen;
- fir Nominatiounen vun Direkteren an der ëffentlecher Schoul weider exklusiv op Memberen aus dem Enseignantskader zeréckzegräifen;
- ze assuréieren, datt och an Zukunft eng perfekt Beherrschung vun eiser Nationalsprooch an eisen Amtssproochen, d'Konditioun fir Positiounen och an eisem ëffentleche Schoulwiesen bleift.